PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Mëttelstand weiderzeleeden.

A menger Fro n°1003 hat ech d'Regierung iwwert d'Praxis vun de sougenannten "Grands Voyants" befrot. An hirer gemeinsamer Äntwert schreiwen d'Ministeren, dass d'Aktivitéit vun de Grands Voyants net d'office als illegal ka betruecht ginn. De Code Pénal schreift dozou allerdéngs

> Art. 563.
> Seront punis d'une amende de 25 euros à 250 euros:
> 1° Les gens qui font métier de deviner et de pronostiquer ou d'expliquer les songes. Seront saisis et confisqués les instruments, ustensiles et costumes servant et destinés à l'exercice du métier de devin, pronostiqueur ou interprète des songes;

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Waren d'Ministere bei der Redaktioun vun hirer Äntwert a Kenntnis vum Artikel 563 vum Code Pénal?
2. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass d'Police misst méi Aktiounen duerchféieren fir d'Wahrsagerei ze ënnerbannen?
3. Wéi vill Infraktioune vum Artikel 563 Paragraf 1 goufen et zënter 2009?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député